Pressecommuniqué 10.4.2015

Informatiounsversammlungen an de Gemengen

D'Plattform fir de Nee zum Auslännerwahlrecht, *nee2015.lu,* ass invitéiert fir um Informatiouns- an Diskussiounsowend zu Esch deelzehuelen, den 21. Abrëll an der Kulturfabrik.

Mir kruten vum Integratiounsschäffen vun der Gemeng Esch, dem Här Codello, matgedeelt dass mir nieft minte.lu agelueden wieren, fir sou en méi ausgeglachenen Informatiounsowend ze garantéieren. Mir soen der Integratiounskommissioun vun Esch villmools Merci, dass si sech neutral verhält an fir en balancéierten Debat ass.

Mir hoffen dass och elo déi aner Gemengen dem Beispill vun Esch noginn an eis invitéieren. Bis elo hunn vill Gemengen als eenzeg Riedner op hieren Informatiounsversammlungen de CEFIS an minte.lu, alle béid kloer Vertrieder vun engem Auslännerwahlrecht.

Zu enger richteger Informatiounsversammlung gehéiert awer och déi aner Klack an zwar déi vum Nee. Op den Informatiounsowenter kéinten mir eis Vue vun den Argumenter fir e Jo an e Nee virdroen, an sou zu enger méi equilibréierter Informatiounsversammlung bäidroen.

Merci fir äer Opmierksamkeet,
Mat beschte Gréiss,

Fred Keup, Mamer 691 656 728
Steve Kodesch, Kielen 621 327 642

kontakt@nee2015.lu